LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

Luxembourg, le 16 juillet 2020

Monsieur Marc HANSEN
Ministre aux Relations avec le Parlement
LUXEMBOURG

<u>Objet</u>: **Réponse commune de Monsieur le Premier Ministre, Ministre d'État, de Monsieur le Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Economie sociale et solidaire, de Monsieur le Ministre des Affaires étrangères et européennes et de Madame la Ministre de la Santé à la question parlementaire urgente n°2546 de l'honorable Député Fernand KARTHEISER au sujet des mesures prises par l'Allemagne face à l'évolution du COVID-19 au Luxembourg.**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse à la question parlementaire urgente n°2546 du 15 juillet 2020 de Monsieur le Député Fernand KARTHEISER.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma haute considération.

Le Premier Ministre

Ministre d'État

**Gemeinsam Äntwert vum Staatsminister, dem Aussen- an Europaminister, der Ministesch fir Gesondheet a vum Minister fir Aarbecht op d'parlamentaresch Ufro n°2546 vum 15. Juli 2020 vum Honorabelen Deputéierten Här Fernand Kartheiser (ADR)**

1. Déi Däitsch Bundesregierung huet Lëtzebuerg de 14. Juli als Risikogebitt agestuuft. Wien elo vu Lëtzebuerg an Däitschland areest muss sech am Prinzip a Quarantänn setzen a sech beim lokale Gesondheetsamt mellen. Dës Quarantänereegelunge sinn d'Kompetenz vun de Bundeslänner a gesinn eng ganz Rei vun Ausname fir.

2. Am Prinzip ass et méiglech mat engem Coronatest deen net méi wéi 48 Stonnen al ass an Däitschland anzereesen.

3. Eng genee Zuel läit am Ament hei net vir.

4. D'Regierung ass a Kontakt mat den Nopeschbundeslänner fir sécherzestellen datt déi Leit net dovunner ofgehale ginn hire Beruff an Däitschland auszeüben. Am Ablack leie keng Informatiounen iwwer Leit fir déi vun esou restriktive Moossname betraff wieren.

5. Am Prinzip bis datt de Robert-Koch Institut Lëtzebuerg als onbedenklech klasséiert.

6. D'Regierung steet zënter Deeg an intensiven Dialog mat der Däitscher Regierung. Doduerch konnt ënner anerem verhënnert ginn datt Grenzkontrollen agefouert goufen.

7. D'Arees an Däitschland ass ënnert deenen uewegenannte Konditioune weiderhi méiglech.

8. Stand 15 Juli 2020, huet Lëtzebuerg en Moyenne 64.17 Neiinfektioune pro Dag, dat heescht op eng Woch sinn dat der 449 pro Woch op 620'000 Awunner, soit 72.45 pro 100'000. Domat läit Lëtzebuerg iwwert dem Seuil vun 50 pro 100'000 deen den RKI festgeluecht huet. D'Regierung bedauert datt hei keng aner Critère wéi zum Beispill Zuel vun de Frontalieren, den Large Scale Testing oder d'Zuel vun den Patienten déi am Ablack hospitaliséiert sinn an déi Evaluatioun agefloss sinn.

9. D'Regierung ass beméit hiren europäesche Partner eng objektiv Beschreiwung vun der Situatioun zu Lëtzebuerg ze vermëttelen.

10. De Large Scale Testing huet sécher e prakteschen Notzen well et erlaabt eis, asymptomatesch Persounen, déi awer de Virus verbreede kënnen, ze isoléieren an domat Iwwerdroungsketten z'ënnerbriechen. Vun héich Risiko Kontakter vun den 168 positiv geteste Leit am Large Scale Testing, sinn 71 an der Quarantaine positiv ginn, wat kloer weist dass dës Leit de Virus weiderverbreeden.

11. Aus uewegenannte Grënn hält d'Regierung dofir un hirer Teststrategie fest.

12. Nee.

13. D'Infektioune sinn am Moment relativ diffus an betreffen haaptsächlech d'Kantonen Esch-Uelzecht, Miersch, Dikrech a Woltz mat méi wéi 10 Fäll op 10'000 Awunner. D'Kontroll vun den Infektiounen baséiert um Testing, Contact tracing an Isolement/Quarantäne.

*        *

*